NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

SPEZIALNUMMER



GRANDE-DUCHESSE OP DER EIMAISCHEN 1976
COLLECTION JEAN-PIERRE KARIER

## D'GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE

(1896-1985)

*« Seconde fille du Grand-Duc Guillaume, Charlotte (1896-1985) devint Grande-Duchesse du fait de l'abdication de sa sœur Marie-Adélaïde, le 9 janvier 1919. Elle épousa, le 6 novembre 1919, Félix de Bourbon, Prince de Parme, Prince de Luxembourg (1893-1970). Elle monta sur le trône dans des conditions difficiles, aidée par le gouvernement français qui contrecarrait la politique belge. Elle vécut au départ les pires tribulations dans ses années de jeunesse dans le château d'un mourant; ses fiançailles avec le Prince Félix furent gâchées par les Alliés qui s'ingéniaient à ne pas donner à celui-ci de visa de voyage; puis vinrent les reproches quant aux mariages allemands de ses sœurs, mais peu à peu elle fit respecter sa Maison et sa fonction ébranlées par les crises de l'après-guerre. Ses qualités la servaient. Belle, intelligente, polyglotte, calme, elle avait le don de mesurer des interlocuteurs et de des attacher; honnie au début, elle avait rallié dans la suite toutes les forces hostiles. Son sens de l'humour et ses qualités humaines passaient les barrières du protocole. Les fêtes de l'Indépendance organisées en 1939 documentèrent, face aux dangers de la situation internationale, la volonté de la communauté de survivre sous la conduite d'une Grande-Duchesse bien aimée. Les vingt premières années avaient donc été consacrées à la restauration de l'esprit d'unité du pays et à la création d'une famille entièrement luxembourgeoise. L'aîné de ses six enfants, le prince Jean né en 1921 était appelé à lui succéder.*

*En 1940, Elle prit la grande décision de sa vie à la fois pour Elle et son peuple: Elle se réfugia dans le camp allié et y resta, bien que cette décision n'ait pas rallié au début l'accord de tous. Par ses actes et ceux du Gouvernement Elle fut l'artisan de la consolidation de la position internationale du Luxembourg. Elle avait l'appui total du président des Etats-Unis, Franklin Roosevelt avec lequel Elle entretenait des relations privilégiées. Ainsi s'explique que le Luxembourg devint partie de tous les traités organisant la victoire et la paix. Au même moment, la population vivait sur place son calvaire. Au loin cette Souveraine était devenue l'incarnation de la résurrection et la garante de la survie du pays. Face aux pelotons d'exécution, les résistants et les jeunes déserteurs criaient qu'ils mouraient pour Elle et leur pays. Elle abdiqua en 1964 après un règne de 45 ans, alors que le pays était engagé à fond dans la politique européenne et était entré dans une nouvelle phase de son industrialisation qui le mena à une prospérité extraordinaire. »*

*suite à la page suivante*

**AUSSTELLUNG** VUM 8. JULI – 1. AUGUST 2010

**Grande-Duchesse Charlotte**

Comité Alstad a.s.b.l. an Zesummenaarbecht mam Luxemburger Wort

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1013 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu



COLLECTION COMITE ALSTAD

Dës Wierder aus der autoriséierter Fieder vum Christian Calmes, Diplomat, Resistenzler a Maréchal de la Cour vum Grand-Duc Jean caracteriséieren d'Grande-Duchesse Charlotte besser wéi een aus onser Generatioun dat hätt kënne man.

An onser Ausstellung wëlle mir op hirem 25. Doudesdag a Biller un d'Grande-Duchesse erënneren.

Mir hunn déi grouss Éier, heifir de Patronage vum Grand-Duc Jean kritt ze hunn. Senger Kinneklecher Altesse soe mir hei en déifgefillte Merci.

E Merci vum Comité Alstad geet och un de Groupe Saint-Paul, onse Partner fir dës Organisatioun, an un all déi Leit, Verwaltungen a Gemengen, déi ons Fotoen, Dokumenter an Objeten zoukomme gelooss hunn.

Iech, léif Leit an alle Visiteure wënsche mir eng schéi Visite en Souvenir vun der Grande-Duchesse.

De Comité Alstad

Christian Calmes, Danielle Bossaert, Histoire du Grand-Duché de Luxembourg, Histoire contemporaine du Luxembourg, Vol. XIII, Editions Saint-Paul, 1995 p. 321-322



COLLECTION ARCHIVES LUXEMBURGER WORT

# D'GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE

## DATUMEN AUS HIREM LIEWEN

Nom Doud vum Kinnek-Groussherzog Guillaume III vun Holland ass d'Personalunioun vum Grand-Duché iwwer d'Dynastie Oranien-Nassau op en Enn.

1890 d'Haus Nassau-Weilburg (walramesch Linn) kënnt op den Troun vum Grand-Duché, no deem, wat am Ierf-Vertrag vun der Famill Nassau 1783 festgeluecht gi war, fir de Fall wou an der Linn Oranien-Nassau (othonesch Linn) keen Ierfprënz méi do wir.

Den Herzog Adolphe vun Nassau-Weilburg gëtt Groussherzog vu Lëtzebuerg; hien ass bestuet mat der Prinzessin Adelheid-Marie vun Anhalt-Dessau.

1893 den Ierfprënz Wilhelm vun Nassau, Ierfgroussherzog vu Lëtzebuerg, bestuet sech mat der Duchesse Marie-Anne vu Braganza; si sinn d'Eltere vun der Groussherzogin Marie-Adelheid a vun der Grande-Duchesse Charlotte.

1894 Gebuert vun der Prinzessin Marie-Adelheid.

1896 den 23. Januar kënnt d'Prinzessin Charlotte um Schlass Bierg op d'Welt.

1905 de Grand-Duc Adolphe stierft mat 88 Joer; de Grand-Duc Wëllem IV kënnt op den Troun.

1908 de Grand-Duc ass schwéier krank, d'Groussherzogin Marie-Anne iwwerhëlt d'Régence.

1912 de 25. Februar stierft de Grand-Duc Wëllem op Schlass Bierg; den 18. Juni kënnt d'Groussherzogin Marie-Adelheid op den Troun vun eisem Land.

1919 den 10. Januar verzicht d'Groussherzogin Marie-Adelheid op d'Kroun.

1919 den 18. Januar leescht d'Prinzessin Charlotte den Eed als Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg.

1919 de Prënz Félix vu Bourbon-Parma kritt de 5. November d'Lëtzebuerger Nationalitéit; d'Grande-Duchesse Charlotte an de Prënz Félix vu Lëtzebuerg bestuede sech de 6. November.

1920 eis Grande-Duchesse ass op Besuch zu Diddenhuewen a kënnt och do mam franséische Président Poincaré zesummen.

1921 de 5. Januar kënnt den Ierfprënz Jean zu Bierg op d'Welt.

1924 um Schlass Hohenburg stierft d'Groussherzogin Marie-Adelheid mat 29 Joer.

1937 offizielle Staatsbesuch zu Paräis beim Président Lebrun.

1939 fir de Centenaire vun eiser Onofhängegkeet sinn uechter d'ganzt Land grouss Feierlechkeeten; eis Dynastie steet am Zentrum vun deenen Erënnerungs-Feieren.

1940 den 10. Mee iwwerfällt Nazi-Däitschland Lëtzebuerg; „d'Wehrmacht" besetzt eisen neutralen a souveräne Staat; d'Grande-Duchesse Charlotte geet mat Hirer Famill an den Exil, iwwer Rodange a Frankräich, Portugal, USA, Kanada an England.

1944 den 10. September gëtt eist Land vun amerikaneschen Truppe liberéiert. Den Ierfgroussherzog Jean a säi Papp, de Prënz Félix, sinn als Offizéier bei der Liberatiouns-Arméi.

1944 d'Regierung kënnt den 23. September erëm an d'Land.

1944 d'Rundstedt-Offensiv geheit eist Land am Dezember matzen an d'Feier vu schwéiere Schluechten.

1945 eis Grande-Duchesse Charlotte kënnt de 14. Abrëll, no 5 Joer Exil, erëm heem bei äis. Si geet bei d'Leit an déi sinistréiert Géigende vum Land. Virum Hinzerter Kräiz éiert Si d'Patrioten, déi an de Kazetter ëmbruecht gi sinn.

1950 d'Grande-Duchesse Charlotte gëtt am Vatikan vum Poopst Pius XII. an Audienz empfaang; de Robert Schuman, zu Lëtzebuerg gebuer an och bis 19 Joer do an d'Schoul gaang, proposéiert eng europäesch Wirtschafts-Communautéit; de Protokoll fir déi Communautéit gëtt 1951 zu Paräis ënnerschriwwen, an 1952 fänken d'Aarbechten zu Lëtzebuerg ënnert dem Jean Monnet un.

1950 Houchzäit vun der Prinzessin Alix mam Prënz Antoine de Ligne.

1951 offiziell Visite vun der hollännescher Kinnigin Juliana.

1951 Houchzäit vun der Prinzessin Marie-Gabrielle mam Grof Knud vun Holstein-Ledreborg.

1953 de Prënz an Ierfgroussherzog bestuet sech den 9. Abrëll mat der Prinzessin Joséphine-Charlotte, der Duechter vum belsche Kinnek an der Kinnigin Astrid.

1954 d'Prinzessin Marie-Astrid kënnt am Schlass Betzder op d'Welt.

1955 den Ierfprënz Henri gëtt de 16. Abrëll am Schlass Betzder gebuer.

1956 d'Prinzessin Elisabeth bestuet sech mat dem éisträicheschen Prënz Ferdinand v. Hohenberg.

1956 Staatsvisite beim franséische Président René Coty zu Paräis.





COLLECTION ARCHIVES LUXEMBURGER WORT

1956 d'Grande-Duchesse Charlotte kritt den 8. Juli déi gréissten Decoratioun, déi de Vatikan ze verginn huet „d'Gëlle Rous".

1957 d'Prinzessin Margaretha an de Prënz Jean, eng Zwillingskoppel, ginn zu Betzder gebuer.

1958 d'Prinzessin Marie-Adelheid bestuet sech mam Grof Henckel v. Donnersmarck.

1958 de Kinnek Baudoin op Staatsvisite zu Lëtzebuerg.

1960 d'Grande-Duchesse Charlotte ass op Staatsbesuch zu Bréissel.

1960 déi thailännesch Kinnekskoppel Bhumibol a Sirikit ass zu Lëtzebuerg op Staatsbesuch.

1961 eis Grande-Duchesse op Staatsvisite beim Président de Gaulle.

1962 tëscht der Stad an dem Kierchbierg entsteet d'Bréck „Grande-Duchesse Charlotte", „d'rout Bréck".


1963 d'Stad Lëtzebuerg an d'Land feieren de Millénaire.

1963 Staatsbesuch an den USA, beim Président John F. Kennedy.

1963 de Prënz Guillaume kënnt zu Betzder op d'Welt.

1963 de Vizeprésident vun den USA, Lyndon B. Johnson, op Besuch zu Lëtzebuerg; geschwënn duerno gëtt hie Président, well de Président Kennedy bei engem Attentat zu Dallas ëm d'Liewe kënnt.

1964 de Muselkanal gëtt vun der Grande-Duchesse Charlotte, dem Président Charles de Gaulle an dem däitsche Bundesprésident Lübke ageweit.





COLLECTION ARCHIVES LUXEMBURGER WORT

*Quell: Plaquette fir d'Aweiung vum Monument Grande-Duchesse Charlotte.*

*Editéiert vun der Regéierungscommissioun fir d'Monument, ass coordinéiert gi vum Martin Gerges a gedréckt an der Imprimerie Centrale, de 27. Abréll 1990.*

1964 den norweegesche Kinnek Olaf offiziell zu Lëtzebuerg.

1964 d'Groussherzogin Charlotte gëtt den 12. November d'Kroun vum Land un Hiren eelste Jong, de Prënz Jean, weider, deen domat Grand-Duc vu Lëtzbuerg ass.

1967 de Prënz Charel bestuet sech mat der Amerikanerin Joan Douglas-Dillon.

1970 de Prënz Félix vu Lëtzebuerg stierft matt 77 Joer, den 8. Abrëll.

1976 der Grande-Duchesse Charlotte hiren 80. Gebuertsdag gëtt offiziell gefeiert; an der Kathedral ass en Te Deum an Hirer Präsenz.

1981 de 14. Februar bestuet den Ierfgroussherzog Henri sech mat der Joffer Maria Teresa Mestre, déi domat Ierfgroussherzogin vu Lëtzebuerg gëtt.

1981 den 11. November kënnt den Ierfprënz Guillaume op d'Welt.

1982 d'Prinzessin Marie-Astrid gëtt mam Archiduc Christian vun Habsburg-Lothringen bestuet.

1982 d'Prinzessin Margaretha bestuet sech mam Prënz Nicolas vu Liechtenstein.

1985 De Poopst Jean-Paul II ass am Mee op Besuch zu Lëtzebuerg; hie gëtt vun der groussherzoglecher Famill am Palais empfaang; vun deem Dag ass och déi lescht Foto, déi mir vun eiser Grande-Duchesse Charlotte kennen.

1985 den 9. Juli stierft eis Groussherzogin Charlotte am 90. Joer am Schlass zu Fëschbech; no dem Staatsbegriefnis kritt Si Hir lescht Rou an der Krypta vun der Kathedral.

1985 den 11 Juli decidéiert d'Regirung, der Grande-Duchesse Charlotte iwwer eng national Souscriptioun e Monument opriichten ze loossen.

1990 den 29. Abrëll gëtt d'Monument „Grande-Duchesse Charlotte" am Häerz vun der Stad Lëtzebuerg, op deer neier „Place de Clairefontaine" ageweit.

# Grande-Duchesse Charlotte

(1896–1985)

ënnert dem Protektorat vu S. K. A. dem Grand-Duc Jean

## Ausstellung vum 8. Juli – 1. August 2010

(All Dag vun 10:00 – 12:00 Auer a vun 13:00 – 19:00 Auer, méindes ass zou)

Comité Alstad a.s.b.l.
an Zesummenaarbecht mam
**Luxemburger Wort**